



bewäerten, ier mer decidéieren, ob mer deem Accord kënnen matdroen oder net matdroen.

Et ass och an deem Sënn, datt mer hei insitéiert hunn an déi Initiativ geholl hunn, fir ze soen: Deen Accord muss duerch déi national Parlamenter goen! Dat ass och en daitlecht Zeechen un déi Europäesch Kommissioun, fir bei der Verhandlungsféierung och ganz gutt déi Interessen, déi an deene verschiddene Länner do geäussert ginn, an déi Suerger, déi geäussert gi vun engem groussen Deel vun der Effentlechkeet, fir dat ganz eescht ze huelen an och déi Reflexiounen mat an d'Verhandlungen anzebannen.

Ech mengen, mir kënnen eis awer a verschiddener Hisiicht félicitéieren iwwert déi Entwécklungen, déi a leschter Zäit geschitt sinn. Eischens ass de Verhandlungsprozess méi transparent ginn. Zweetens ass schonn an de Verhandlungen ze mierken, datt awer déi Suerger, déi vu ville Säite virbruecht ginn, eescht geholl ginn. Am März wor nach deem „Joint Statement on Public Services“ tëschent den Amerikaner an den Europäer ugeholl ginn, wou ganz kloer gesot ginn ass, datt eng Rei vu Services net kënnen beaflost ginn duerch deem Traité. Och dat wor e wichtege Schrëtt.

An och déi Initiativen, fir en neie Modell vun Investitiounsschutz auszeschaffen iwwert de Wee vun engem stännegen Arbitragegericht, dat ass éischens net nei am internationale Recht, mä et ass op jidde Fall och am Kontext vum Investitiounsschutz e Progrès par rapport zu deem, wat mer am Abléck oder bis elo diskutéiert hunn, wou awer e risego Risiko besteet, datt eis national Justizsystemer géifen ausghiewelt ginn.

Mir wäerten also och weiderhin als ADR dëse Prozess positiv begleeten, well Lëtzebuerg brauch oppe Mäert als klengt Land, mir hätten och gär méi Exporter an Amerika, a gläichzäiteg muss ee ganz kritesch kucken, wat do geschitt.

Zur Prozedur: Mir hätte gär den Artikel 4, datt dee voll respektéiert gëtt. An ech wëll och domadder ganz kuerz ophalen, fir ze soen, datt, wann een den Artikel 4 vum Europäeschen Traité kuckt iwwert d'Union européenne, kann een eigentlech net verstoen, datt d'Europäesch Kommissioun net direkt seet, et misst e gemëschten Traité sinn, well d'Sozialpolitik, well Landwirtschaft, well Ëmweltschutz, well d'Protection des consommateurs, Energie a Santé si Compétences partagées. An déi Rétizenz vun der Europäescher Kommissioun léisst sech nëmmen doduerch erklären, datt se eben an enger Lutte institutionnelle tëschent Kommissioun a Conseil ass. An dat ass eppes, e Wee, dee mir net kënnen matgoen.

Nach ee Wuert, Här President. Et schéngt mir, datt e grammatesche Feeler am Text ass. Ech hat lech virdrun drop opmierksam gemaach an ech wär frou, wa mer deem nach kéinten an der Endversioun korrigéieren, ier mer de Vote huelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Selbstverständlech.

Motion modifiée

La Chambre des Députés,

- *rappelant que les États membres ont unanimement approuvé le mandat de négociation pour un Partenariat transatlantique de commerce et d'investissement (PTCI/TTIP) entre l'Union européenne et les États-Unis d'Amérique en juin 2013 et que les négociations ont commencé en juillet 2013 à Washington;*

- *consciente du fait que depuis lors, une partie importante de la société civile, des syndicats, des organisations non gouvernementales et des citoyens expriment de nombreuses critiques et inquiétudes quant au présumé contenu et à l'impact de ce futur accord;*

- *rappelant que le Ministre des Affaires étrangères et européennes, Jean Asselborn, a esquissé les principales lignes rouges du Gouvernement actuel dans une lettre du 18 juin 2014 au Commissaire européen de l'époque, Karel De Gucht;*

- *considérant que le futur accord avec les États-Unis portera sur un certain nombre de domaines de compétence partagée et relevant donc aussi de l'autorité des États membres, conformément entre autre à l'article 4 du Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne;*

- *considérant le rôle important que le Traité de Lisbonne attribue aux parlements nationaux en matière de politique européenne;*

- *saluant la volonté de la Commission européenne de mener un dialogue approfondi avec les parlements nationaux et les sociétés civiles, et appr-*

ciant dans ce contexte la visite de la commissaire Madame Cecilia Malmström, le 26 février 2015 à la Chambre des Députés;

- *appréciant les échanges réguliers concernant le PTCI/TTIP entre le Gouvernement luxembourgeois, la Chambre des Députés, les membres luxembourgeois du Parlement européen et la société civile luxembourgeoise;*

- *constatant que le Parlement européen ainsi que tous les parlements nationaux des pays membres de l'Union européenne suivent avec grand intérêt le déroulement des négociations des accords de commerce internationaux, et notamment celui du PTCI/TTIP;*

- *rappelant que les présidents de tous les parlements nationaux des États membres de l'Union européenne se sont exprimés en faveur d'une ratification du PTCI/TTIP par chaque parlement national;*

invite le Gouvernement

- *à veiller au sein du Conseil et auprès des autres institutions européennes à ce que le PTCI/TTIP, une fois négocié, soit soumis à la ratification par chaque parlement national des États membres de l'Union européenne, conformément aux procédures légales de ces États.*

(s.) Marc Angel, Fernand Kartheiser, Claude Adam, Gusty Graas, Laurent Mosar.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Dann huet d'Wuert den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Ech wollt mech och nach bedanke beim Här Kartheiser fir déi Initiativ, déi e geholl huet, an och beim Här Marc Angel als President vun der Aussekommisioun fir déi gutt Ausaarbechtung vun där Motioun, déi mir natierlech och wäerte matstëmmen.

Ech wollt dorobber awer och eng kleng Remarque maachen, well am Prinzip, wa bis den TTIP och fäerdeg wäert sinn a bis an der leschter Phas ukomm ass, da misst am Prinzip, souwäit ech weess, laut Traité am Conseil eng Décisioun getraff ginn och, fir de Vertrag provisoresh esou ze implementéieren, respektiv soll dat och am Europaparlament diskutéiert ginn. Do stellt sech d'Fro natierlech: Wat géif geschéien, wann duerno, am Nachhinein duerno en nationaalt Parlament dat net géif unhuelen?

Do ass anscheinend näischt virgesinn. Dofir wier et vläicht och also als Denkestouss interessant, fir en amont déi Décisioun kënnen ze huelen, dat heescht, ier eis Regierung dann am Conseil dohinnergeet, fir iwwer eng provisoresh Implementéierung kënnen ze diskutéieren, ier dann eben déi a Kraaft tritt.

Ech mengen, et ass och gesot ginn, mir si mam TTIP konfrontéiert, deem eendeiteg eng aner Natur huet wéi e strikt Handelsofkommes. Et ass en Ofkommes, dat och sozialer Natur ass, dat politescher Natur ass, dat e staarken Agrëff wäert provoziéieren an eise Gesellschaften. Dofir ass et jo kloer, mengen ech, an dat gouf och scho virdu gesot, datt mer mussen hei souwiesou doriwwer diskutéieren.

An et ass jo och kee Wonner, datt d'Zivillgesellschaft sech esou staark derfir asetzt! Dat selwecht wäert natierlech gëlle fir de CETA a fir den TiSA. Et gouf och gesot, an ech mengen, et géif eis gutt zu Gesiicht stoen, datt mer och ähnlech Prozedure wéi déi heiten elo beim TTIP wäerten applizéieren bei verschidden aneren Accorden.

Vläicht och nach en anere leschten Denkestouss wier dach, ier mer vläicht nach an dëser Chamber doriwwer diskutéieren, datt mer vläicht och nach virdrun zesumme mat der Zivillgesellschaft en Hearing kéinten erëm eng Kéier organiséieren, fir nach eng Kéier doriwwer kënnen ze diskutéieren, wéi mer dat schonn eng Kéier gemaach hunn. Mä dës Kéier wäert et jo an der Schlussphas sinn, wann et esou wäit kënnt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Nach eng Reaktioun vum Här Marc Angel.

► **M. Marc Angel (LSAP), auteur.**- Jo, Här President, den Här Wagner huet déi provisoresh Mise en vigueur vun Accords mixtes ugeschwat; dat hate mer bei deem Fräihandelsafkommes mat Südkorea, mir haten dat och bei deem mat Peru a Kolumbien. Do ginn nëmmen en vigueur déi Deeler, wou d'EU Kompetenzen huet. Déi Deeler, dat ass eng provisoresh Mise en vigueur vu verschiddenen Deeler, vu verschiddenen Artikelen. Do, wou d'Länner d'Kompetenz hunn, déi ginn eréischt en vigueur, wann all 28 Länner esou en Accord ratifizéiert hunn.

Mir wollten dat am Ufank och drasetzen. Mir haten dat och diskutéiert an där Reunioun zu

Paräis. An dunn hunn d'Juristen an d'Spezialisten eis awer genau erkläert, wéi déi provisoresh Mise en vigueur ausgesäit an dofir hu mer dat ewechgelooss.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Ech wëll der Chamber Merci soen, dass déi Remarquen, déi ech als Regierung gemaach hunn, respektéiert gi sinn, a mat deem Text, wéi en elo virläit, hunn ech absolutt kee Problem méi an ech wäert mech och beméien, de Wonsch vun der Chamber, dass dee Realitéit gëtt.

Ech wëll vläicht vun där leschter Debatt, déi mer haten iwwer TTIP, zwou Saache soen. Dat eent, dat ass, et huet jo ee Moment ausgesinn, wéi wann de President Obama eng Trade Promotion Authority, esou heescht dat - TPA -, dass en dat net krit an engem éischten Ulaaf. Dat huet en awer elo kritt, ech mengen, virun enger gudder Woch am Senat, an dat kënnt och an de Kongress dann, soudass dee Problem also aus der Welt ass.

Dat Zweet ass, d'Europaparlament, Dir wësst, dat bleift, a mir hunn den Här Adam hei héieren, konfliktuell beim TTIP. Selbstverständlech och queesch duerch vill Parteien ass et net evident. An haut ass awer elo en éischte positive Punkt am Europaparlament ze verzechen. De Vote, deem ass eriwuer: Et si 431 Leit derfir, et sinn der 241 dergéint an et hu sech der 32 enthalten.

An deem Haaptknackpunkt de Mëtteg war elo den ISDS, den Arbitrage. Vläicht och do e kleng Rappel, well ech mengen, den Här Graas hat dat ugeschnidden. Et ass esou, zu sechs Länner - Däitschland, Frankräich, Schweden, Dänemark, Holland a Lëtzebuerg - ware mer zesummen a mir hu probéiert, eng Proposition op den Dësch ze leeën, déi och elo an der Resolution vum Här Lange am Europaparlament zrëckbehale ginn ass, dass mer net kënnen mat deem ISDS, wéi e bestanen huet, (veuillez lire: huet, averstane sinn) - dat huet d'Regierung jo och der Kommissioun kloer geschriwwen -, mä dass mer en Auswee sichen. An dat wier dann en ISDS new generation.

Wat wier dodran? Dat Éischt, dat ass, dass et permanent Gerichter sinn, déi net all Kéiers zesummesat ginn, wann e Problem ass tëschent engem Investor an engem Stat, mä permanent Gerichter; dass an deene Gerichter net Affekote setzen, mä Riichter, professionell Riichter, an dass eng zweet Instanz méiglech ass. Ech mengen, déi dräi Saache sinn haupsächlech erausgeschielt ginn.

Dat fënnt een och erëm an där Resolution. D'Europaparlament huet eng Resolution vun iwwer 23 Säiten de Mëtteg ugeholl. An ech hoffen, dass mer vläicht elo domadder och kënnen virukommen an dat Konfliktuell, wat dran ass an der Prozedur, dass een dat ka besäitegen.

Ech wëll allerdéngs och soen, wat d'Substanz ueget, do si mer nach net ganz wäit. Ech hunn dat jo ëmmer erëm widerholl. Am Hierscht sollen déi éischt Verhandlungen iwwert d'Substanz ugoen. An duerfir sinn ech selbstverständlech bereet, fir all Kéiers, wann d'Chamber elo rífft, wann dat richteg amgaangen ass - mir hu jo och dee Conseil ze presidéieren, also „International Trade“, ech weess och nach net, do ass eng Sitzung elo fixéiert, wéi dat genee weitergeet, dat hânt alles dovunner of och, wéi mer an de Verhandlung weiderkommen -, mä ech stinn do der Chamber zur Verfügung.

Vläicht nach ee Wuert zu dem TiSA. Also et ass jo net déi éischte Kéier, dass mer iwwert den TiSA schwätzen. An der Kommissioun, des Laangen an des Breeden hat ech wierklech och do all mäi Beschit ginn, fir ze explizéieren, ëm wat dass et do geet, wou een do steet. Bon, dat ass d'Kommissioun, déi verhandelt, a mir sinn natierlech als Lëtzebuerger Ausseministère zu Bréssel mat ugeschloss un der Sendeanstalt, mä hei ass et uniekement d'Kommissioun, déi d'Mandat huet, fir den TiSA auszeschaffen.

Ech sinn all Moment bereet, am Hierscht, wann Der dat wëllt, fir dat an der Kommissioun ze erklären, well et ass schonn eppes, wou ee sech muss e weénege erabéien, well et kritt een dat net mat Schlagwierder explizéiert. A mir musse kucken, dass d'Intérète vun eisem Land grad wéi awer och d'Intérète vun Europa, dass déi op e gemeinsamen Nenner do kommen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Ausseminister.

Mir sinn domat um Enn vun der Diskussioun iwwert d'Motioun. Ech wollt lech froen: Haalt Der drop, fir elektronesch ofzestëmmen, oder kënnen mer et à main levée maachen?

(Interruptions)

Main levée?

(Assentiment)

Vote sur la motion modifiée

Ma da géif ech froen: Wien ass fir d'Motioun?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun ass unanime ugeholl. Merci villmools!

Da géife mer zu dem Projet de loi 6610 an der Proposition de loi 6280 iwwergoen, déi e vergläichbaren Zweck hunn, nämlech d'Zweckentfremdung vu Wunnenge fir beruflech Zwecker, wann net ze verhënneren, dann awer méi schwéier ze maachen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. De Rapporteur, den Här Guy Arendt, deem elo direkt zum Zuch kënnt, huet 15 Minuten, grad wéi den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Fayot, deem duerno d'Wuert kritt.

Den Här Arendt huet d'Wuert.

5. 6610 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

6280 - Proposition de loi modifiant la loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation

Rapport de la Commission du Logement

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, net méi spët wéi déi lescht Woch hate mer op dëser Plaz d'Geleeënheet, iwwert de Logement ze schwätzen. Abee, dëse Projet de loi ass e Stéck am Puzzle, fir d'Wunnengsproblematik an de Grëff ze kréien.

Dëse Projet de loi ass de 6. Dezember 2013 vum viregte Logementsminister déposéiert ginn. D'Regierung huet am Oktober 2014 eng Rei Amendementer zum initialen Text eragin. Dunn huet de Statsrot säin Avis am Dezember ofginn. De Syvicol huet den 30. März en Avis geholl. De 5. Mee hu mer eis an enger gemeinsamer Sëtzung vun der Logementskommissioun an der Intérieurskommissioun iwwer verschidde Gemengenaspekter vum Gesetzesprojet ausgetosch. Den 11. Mee huet dunn d'Logementskommissioun weider Amendementer guttgeheescht. D'Chambre des Salariés huet hiren Avis den 10. Juni, d'Chambre de Commerce de 15. Juni ginn. An d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis den 18. Juni vun dësem Joer ofginn.

Nodeems de Statsrot säin Avis complémentaire de 16. Juni verfaast hat, konnt d'Logementskommissioun de schrëffleche Rapport an hirer Sëtzung vum 2. Juli 2015 unhuelen.

Vu dass d'Proposition de loi 6280 vum 3. Mee 2011, zu där de Statsrot säin Avis den 19. Dezember 2011 formuléiert hat, déiselwecht Dispositiounen concernéiert wéi dëse Gesetzesprojet, ass och dësen Text vun der Kommissioun duerchgeholl ginn, fir d'Thema besser ze ëmfaassen. Den Auteur - de Franz Fayot als Nofolger vu sengem Papp - vun dëser Proposition de loi wäert och nach heizou d'Wuert ergräifen.

Här President, wéi gesot, den Text, deem eis hei virläit, beschäftegt sech ënner anerem mam Phänomeen, dass Immeublen, déi exklusiv fir Wunnzwecker geduecht waren an an deem Sënn klasséiert sinn, ouni Erlaabnis ëmgewandelt ginn, dat, fir kommerziellen Ziler nozekommen. Oft ass et esou, dass Wunnhaiser ganz oder zum Deel als Büro genotzt ginn, ouni dass dëst genehmegt gouf. Dat ass besonnesch an eiser Hauptstadt an an hirer Ëmgéigend de Fall.

Et gëtt awer zwee Problemer heibäi: Ier esou eng Transformatioun gemaach gëtt, mussen d'Gemengenautoritéiten hir Erlaabnis dofir ginn, esou wéi den Artikel 27 vum Gesetz vum 21. September 2006 dat virgesäit. Et gëtt awer leider Fäll, wou dat net esou gehandhabt gëtt. Hei gëtt also d'Gesetz net befollegt.

Jiddwereen, zweetens, hei am Land weess, dass mer méi Wunnenge brauchen. Dofir ass et nëmmen normal, dass de Législateur och s'cherstellt, dass esou vill wéi méiglech Immeublen, déi fir Wunnzwecker geduecht sinn, och esou genotzt ginn.

Fir dës Problemer an de Grëff ze kréien, proposéiert de virleienden Text verschidden Annéierung vum Gesetz vum 21. September 2006 iwwert de Bail à loyer.

Den éischte Punkt betrëfft d'Ëmwandlung vu Wunngebaier zu professionellen Zwecker. D'Gesetz vum 28. Juli 2011, wat sengersäits



d'Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal ofännert, ass elo en vogueur, soudass souwisoou scho säit dem 1. August 2011 all sougenannte Changement du mode d'affectation eng Genehmegung vum Buergermeeschter brauch. Et ass also net néideg, dass och d'Gesetz vum 2006, wat mer haut ofänneren, dëst eng zweete Kiéier virgesäit. Woubäi och do nach virgesi war, dass et de Schännerot wär.

Zweetens, wie kann elo esou eng Erlaabnis ausstellen? Bis elo gesäit d'Gesetz vum 2006 vir, dass de Buergermeeschter an de Schännerot dës Autorisatiounen erstelle kënnen. Dëst ass awer net dat, wat d'Gesetz zum Aménagement communal virschreift, an derzou d'Loi communale, dass de Buergermeeschter eleng fir d'Exekutioun vu Gesetz a Policereglementer zustänneg ass. Et gëtt also op d'Gesetz vum Aménagement communal verweisen.

Wat ass elo, wann d'Konversioun ouni Erlaabnis gemaach gouf? Den Artikel 27 (3) gesäit hei verschidde Strofe vir. Och hei sinn dës awer schonn am Artikel 107 vum Gesetz vum 2004, wéi et 2011 ofgeännert ginn ass, festgehalten.

An anere Wieder: Well d'Gesetz vum 2006 verschidde Punkten, déi schonn am Gesetz iwwert den Aménagement communal virgesi sinn, nach eng Kiéier regelt, gëtt virgeschloen, déi respektiv Abschnitter am Gesetz iwwert de Bail à loyer falen ze loossen. Et handelt sech heibäi méi genau ëm deen éischten Alinea vum Paragraph 1, souwéi den Alinea 1 vum Paragraph 3 vum Artikel 27.

Dann zu enger zweeter Thematik, déi, dass staatlech Servicer vun esou enger Autorisatioun entbonne sinn. Dës Ausnahm gëtt och elo ofgeschaaft, well de Stat mam gudde Beispill virgoe sollt. Technesch gesinn heescht dat, dass den Alinea 2 vum Paragraph 1 vum Artikel 27 ebenfalls ewechfällt.

En drëtten Punkt betrëfft d'Verpflichtung fir Privatstéit, fir der Gemeng eidel stoend Wunngebaier ze mellen. De Projet de loi gesäit elo d'Méiglechkeet an der neier Versioun vum Artikel 27 vir, dass d'Gemengen esou eng Obligation aféiere kënnen. Dëse Gesetzesprojet schléit vir, dass de Gemengerot dat iwwer e Gemengereglement maache kann, dat also net onbedéngt eng Verpflichtung ass.

Wat ass elo, wann een en onbewunnt Logement net bei der Gemeng deklaréiert, obwuel d'Gemeng dat fuerdert? Bis elo gesäit d'Gesetz vum 2006 an deem Fall Strofen tëschent 251 a 25.000 Euro vir. Dës ginn duerch dee virleienden Text erofgesat, dat duerch Strofen tëschent 1 an 250 Euro.

Här President, Dir hutt héieren, dass ech vill verschidde Gesetzter ernimmt hunn, dat, well d'Thema vun haut juristescht gesi komplex ass. Wat wichteg ass, sinn zwee Hauptpunkten.

Éischstens, et ass elo ganz kloer, dass ee Logement net ouni Autorisatioun vun der Gemeng, vum Buergermeeschter fir kommerziell Zwecker ëmwandele kann. Wann dat awer de Fall ass, muss et duerno erëm a säin Ufankszustand bruecht ginn. Hei schwätze mer vum sougenannten «rétablissement des lieux dans leur pristin état», an dat opgrond vum Gesetz vum Aménagement communal.

Zweetens, wann eng Gemeng dat esou wëllt, da ka se entscheeden, dass Logement, déi ganz oder och nëmmen zum Deel onbewunnt sinn, deklaréiert gi mussen. Ech mengen, dat ass och e Message, deen de Logement virubréngt.

Dat gesot, soen ech der Madame Logementsminister an dem Statssekretär am Logement Merci, gradesou wéi de Mataarbechter, déi op dësem Dossier matgeschafft hunn, a ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun zu dem virleienden Text.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Franz Fayot.

Présentation

► **M. Franz Fayot (LSAP), auteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, mir behandelen haut, de Guy Arendt huet et gesot, de Projet de loi 6610, fir d'Gesetz vum 2006 iwwert de Bail à loyer an Aklang ze bréngen mat deem iwwert den Aménagement communal vum 2004, wéi 2011 ëmgeännert. Dat gesäit op den éischten Bléck no enger technescher Afär aus, ass awer a Wierklechkeet héich politesch.

Dëse Projet de loi 6610 ass lassgetrëppelt gi vun der Proposition de loi 6280 vu mengem Papp, vum Ben Fayot, déi ech dann och iwwerholl hunn als Auteur, net aus rengem Respekt oder aus Devoir filial, mä well ech iwwerzeegt

sinn, dass dës Proposition de loi wichteg ass an och gutt ass.

Et ass gesot gi vum Guy Arendt: D'Zweckentfremdung ass ee vun de Problemer an eiser Wunnengspolitik. Wa mer dat gäre bekämpfen, ass de Kampf géint d'Zweckentfremdung och eng wichteg Prioritéit, fir à bout ze komme vun eiser Wunnengsnout.

De Mëssstand vun der Zweckentfremdung ass säit Joréngten offensichtlech an der Hauptstadt, mä ass awer och a leschter Zäit e Problem gi ronderëm d'Stad Lëtzebuerg an och an anere gréissere Gemengen. En ass awer besonnesch flagrant an der Stad Lëtzebuerg.

Et ass e Mëssstand, dee scho säit längerer Zäit erkannt ass, deen awer net ophält an deen ëmmer weidergeet. En huet an de 60er Joren ugefaangen, wéi d'Finanzplaz sech rasant entwéckelt huet bei eis am Land. Et gouf deemools Plaz gesicht fir d'Banken an all déi Beruffer, déi ronderëm d'Finanzplaz gravitéieren.

Déi radikal Solutioun war, fir d'Wunnengen am Stadkär ofzerappen a Bürosgebaier ze bauen. Dat ass besonnesch gutt gelongen um Boulevard Royal. Déi e bësse manner rabiat Solutioun war, an de bestehende Wunnengen am Zentrum Büros anzeriichten. An obschonn an de leschte Joréngten an haut méi wéi jee riseg Büroflächen an der Hauptstadt a ronderëm entstane sinn a weider entstinn, ginn ëmmer nach gréisser a klenger Wunnhaier grad wéi Appartements am Stadzentrum zu Büroflächen ëmfonctionnéiert.

Wann ech duerch mäi Quartier op der Gare passéieren, gesinn ech ganz Deeler dovun, déi souzesoen „gesquat“ gi vu privaten an effentlechen Institutionen. Ech muss net wäit goen, fir Beispiller ze fannen, eleng an deem Quartier: d'Spuerkeess an der Goethe- an an der Zithastrooss, d'Caritas an der Michel-Welter-Strooss, oder an der Michel-Rodange-Strooss och, wou „myenergy“ sëtzt. Heiansdo gëtt et och e Lichtbléck, wéi zum Beispill um Eck vum Boulevard de la Pétrusse mat der Rue C. M. Spoo, wou de Stat elo en Haus erëm ëmfonctionnéiert huet an déi aner Richtung a Wunnengen do mécht.

Ob déi Mésaffectatiounen, zum Beispill déi do, vu Wunnenge jee laut Gesetz autoriséiert goufen, woen ech net ze froen. Dëst ass e Mëssstand, well géint Gesetzter a Reglementer verstouss gëtt. Esou huet bis haut d'ëmfonctionnéiere vun enger Wunneng a Büroflächen ausdrécklech vum Schaffen- a Gemengerot laut Gesetz vum 2006 iwwert de Bail à loyer autoriséiert ze ginn.

Et ass awer nach méi e Mëssstand, well dee Verstooss géint d'Gesetzter net bestrooft gëtt. An et ass an enger extrem ugespaanter Situation vum Wunnengsmaat e sozialen a wirtschaftlechen Dysfonctionnement, wann dat geschitt. Besëtzer kënnen méi oder weiniger maachen, wat se wëllen, a si sichen natierlech, an dat ass de bonne guerre, den héchstméigleche Revenu. Jonk Familillen op der Sich no enger Wunneng ginn op déi Manéier aus der Stad verjot a mussen da wäit Weeër a Kaf huelen, fir op d'Aarbecht ze kommen.

Här President, wéi déi Proposition de loi hei 2011 virgeluecht gouf, gouf se positiv empfaangen. De Statsrot huet a sengem Avis vum 16. Dezember 2011 geschriwwen, dass en déi Préoccupatiounen deelt an dass e sech eng „parade efficace“ géint dee Mëssstand erbaiwënscht. D'Regierung hirersäits huet an hirer Prise de position vum 5. Dezember 2012 gesot, si géif déi Préoccupatiounen och deelen.

Op den Détournement vu Wunnengen ugeschwat, hunn déi politesch Gemengeresponsabelen an der Stad - ech wëll hei keng Gemengepolitik maachen, mä et geet numol haapt-sächlech ëm d'Hauptstad - ëmmer erëm beteiert, si hätte keng Handhab iwwert déi Entwécklung. D'Ursach dofir wär, dass am Gesetz iwwert de Bail à loyer vum 2006 keng kloer Bestëmmung enthalte wär, wat dann elo fir Wunnen a wat fir Büros destinéiert wär.

Am Artikel 27 Paragraph 1 steet nämlech, an ech zitieren: «Une habitation ou un local habituellement loué pour servir de logement ne pourra être soustrait à cette destination pour être transformé en bureau sauf autorisation expresse du collège des bourgmestre et échevins.» Well do „habituellement“ stéing, wär et schwéier, bei Litigë viru Gericht recht ze kréien. Dofir gouf an der Proposition de loi virgeschloen, dat Wuert ze sträichen.

An Zukunft wäert déi Schwierigkeet fir d'Gemengen ewechfalen, well mer ons eben elo op d'Gesetz iwwert den Aménagement communal beruffen a laut deem Gesetz eleng d'Baugenuegung maassgebend fir d'Zweckbestëmmung vun engem Immeubel ass. Dat fanne mer eng gutt Léisung. Wéi de Statsrot sot, gëtt dat deene Mésaffectatiounen och méi eng breet Assise wéi déi vum Bail-à-loyers-Gesetz.

Zweetens gouf ëmmer vun der Gemeng gesot, si kéint net géint de Propriétaire virgoen. Am Paragraph 3 vum Artikel 27 vum Gesetz iwwert de Bail stoungen awer Sanktiounen fir déi Propriétaires, déi sech net un d'Bestëmmungen halen. Déi Sanktiounen waren iwwregens deemools 2003 an 2004 während den Aarbechten um Gesetz an op Wonsch vun der Gemeng Lëtzebuerg verschäerft ginn. Dofir hat d'Gesetz vum 2006 kräfteg Amendé vum 251 bis 250.000 Euro virgesinn. Op där jee eng Kiéier verdeelt goufen, weess ech net.

Awer trotz de gesetzleche Bestëmmungen, déi et iwwregens scho laang, säit de 50er Joren, gëtt, ginn ëmmer nach Wunnengen zu Büros ëmfonctionnéiert. De Phenomeen huet sech an der Zwëschenzäit och op anere Quartiere ronderëm de Stadkär an d'Gare ausgedehnt. A mam Wuesstum vun der Ekonomie ass wuel net ze erwaarden, dass dee Phenomeen och ophéiert. Jiddweree weess, firwat dat esou ass. De Statsrot huet a sengem Avis vum 16. Dezember 2012 kloer an daitlech gesot, dass et evident wirtschaftlech Ursachen, «des raisons économiques évidentes», gëtt, déi aus Wunnenge Büros maachen.

De politesche Pouvoir, nämlech d'Gemeng, déi responsabel ass fir d'Gestaltung vun der Stad an déi d'Interesse vun der Allgemengheet ze vertrieden huet, also och vun all deene Leit, déi eng Wunneng sichen, muss sech deem Drock widdersetzen. Si mussen sech deem Drock widdersetzen, fir dass hir Stied lieweg bleiwen an dass d'Leit an alle Quartiere wunnen, an net nëmmen där, déi deier Appartements am Stadkär bezuele kënnen, mä och normal Famillje mat hire Kanner.

Dat ass manifestement, dat muss ee leider soen, während langer Zäit net geschitt. Dorop ugeschwat, hunn déi successiv Stater Buergermeeschtere gesot, si kéinten näischt maachen oder si wësstens net, wann an engem Haus e Büro entstoe géif. Dat ass e bëssen erstaunlech, well engersäits déi Entreprises an déi Institutionen e Pignon sur rue hunn - et gesäit ee se also an der Stad -, an anersäits weess een aus senger Gemengeservicer, wat fir Leitunge geluecht ginn a wie Rechnunge fir Gemengendéngschtleeschunge kritt. Et gëtt also duerch aus Moyenen, wéi een déi Saache ka feststellen.

Här President, déi spannend Fro ass, ob mat deem Gesetz hei, deem Projet de loi 6610, d'Situatioun op deem Plang besser gëtt. Kréien d'Gemengen elo endlech eng effikass Handhab, fir ze verhënneren, dass aus riichtewech Wunnenge Büros entstinn? Dat neit Gesetz 6610 schaaft de Paragraph 1 vum Artikel 27 vum Gesetz iwwert de Bail à loyer ganz of. Wéi gesot, wollt de Statsrot dës Problematik am Gesetz vum Aménagement communal regelen.

Et ass also d'Baugenuegung, déi eleng ausschlaggebend elo ass. A wann déi modifizéiert gëtt, muss de Buergermeeschter seng Zoustëmmung ginn. Fir dass dat geschitt, muss déi Modifikatioun awer ugefrot ginn. A wann eng Infractioun constatéiert gëtt, geet et nom Artikel 107 vum Gesetz iwwert den Aménagement communal, an deen Artikel gesäit stroferechtlech an administrativ Sanktiounen géint Verstéiss un dem Bebauungsplang an den Décisiounen vum Buergermeeschter an deem Zesammenhang vir. Dat sinn Amenden an och Prisonsstrofen.

Natierlech, wann de Buergermeeschter net gefrot gëtt, si mer erëm op der Case départ. Do stellt sech dann déi nach méi spannend Fro, nämlech wéi staark d'Buergermeeschteren interesséiert sinn, fir genee opzepassen, dass hir Uertschaft sech geneesou entwéckelt, wéi de Bebauungsplang et virgesäit. Et ass ze hoffen, dass d'Buergermeeschteren do genee kucken an net zécken, fir effentlechen Interesse viru privaten de Virrang ze ginn, an dass se de politesche Wëllen hunn, dat duerchzusetzen. Wann dee Wëllen nämlech net besteet, dann ass dëst Gesetz e Schlag an d'Waasser, an da sinn d'Privatinteresse méi staark wéi d'Allgemenginteresse.

Dofir mussen d'Gemengen d'Propriétaires drop hiweisen, dass un der Affektatioun vun Immeublen net méi gefréckelt därerf ginn, et sief, et kritt een dat autoriséiert. An d'Gemengen hunn d'Flicht, dat ze kontrolléieren a gegebenenfalls anzegräifen.

D'Gesetz 6610 schaaft d'Ausnahm fir de Stat of, effentlech Verwaltungen a Privathaiser ouni Autorisatioun ënnerzebréngen. Dat ass ze begrëssen an dat war och eent vun den Uleisse vun der Proposition de loi 6280. Dat war eng Dispositioun, déi bis op d'50er Joren zréckgaangen ass, déi méi schlecht wéi recht erkläert gouf an déi och a ville Stater Quartiere fir lenger gesuergt huet. De Stat seet elo, e géif sech lues a lues aus deene Wunnengen zréckzéien, wou en nach drasetzt.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se Donnéeën huet, wéi vill Privathaiser an der Stad an och soss am Land heivunner concernéiert sinn. Do-

bäi muss een natierlech och oppassen, dass net nëmmen de Stat selwer, mä och déi vill Etablissements publics, Agencen a soss Organer, déi ronderëm den eigentleche Stat gravitéieren, déiselwecht Politik maachen.

Wat d'Propriétaires ugeet, stellt d'Fro sech, ob d'Akraafttriede vum Gesetz eng Stonn Null ass, dat heescht, ob vun deem Abléck un alles, wat op deem Plang geschitt ass, als Droit acquis gëllt an eréischt vun do u méi strikt gehandelt gëtt. Dat wär natierlech ze bedauern, well domat all déi Verstéiss géint d'Gesetzter bis elo vun enger Aart Amnestie géife profitéieren. Dofir war d'Iddi vum Statsrot vun enger Période transitoire vu fénnef Joer, fir d'Situatiounen ze regulariséieren, a priori eng gutt Propos. Vun Droit acquis kann een a mengen Ae schwätzen, wann eng Autorisatioun vum Artikel 27 vum Gesetz iwwert de Bail à loyer gefrot an accordéiert gi wär. An anere Fäll sollt dat net de Fall sinn.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, fir ofzeschlësse freet et mech, dass schonn déi viregt Regierung an och déi heiten esou schnell op déi Proposition de loi reagéiert hunn an de Problem vun der Mésaffectatioun vun de Wunnengen erëm an d'Diskussioun bruecht hunn. De Stat, mä och d'Gemengen hunn eng grouss Verantwortung fir d'Wunnen zu Lëtzebuerg, dat hu mer d'lescht Woch des Längeren diskutéiert, souwuel wat de Wunnengsbau ugeet, mä awer och besonnesch, wat de Schutz vu bestehendem Wunnraum ugeet.

Dofir wäerte mer genee verfolgegen, wéi dëst Gesetz ëmgesat gëtt. Mir wäerten och verfolgegen, wéi vill Gemengen op d'Méiglechkeet zréckgräifen, eng Bestandsopnam ze maachen. Dat ass jo am Projet de loi 6610 schlussendlech als Optioun zréckgehal e gi fir d'Gemengen, wat een duerchaus och ka mat engem kritischen A gesinn.

Mir wëssen, wéi populär deemools déi iwwregens ganz luewenswäert Initiativ vum Stater Buergermeeschter Paul Helminger war, fir ze probéieren, eng Bestandsopnam ze maache vun der bestehender Bausubstanz an hirer Affektatioun an der Stad Lëtzebuerg. Eiser Meinung no hätt hei de Stat kënnen eng grouss Pressioun vun de Schëllere vun de Gemengen huelen, wann en déi Deklaratiounsflucht obligatoresch gemaach hätt.

Et wär wichteg gewiescht, wann een et wierklech eescht gemengt hätt mat der Mobiliséierung och vun eidelem Wunnraum, dës Deklaratiounsflucht zwéngend ze maachen. Och zu dem Niveau vun den Amenden, dee vun 1 Euro bis 250 Euro geet ënnert dem ugeduechte Règlement communal, brauch ee wuel net weider vill ze soen.

Här President, et muss an de concernéierte Gemengen a ganz besonnesch an der Hauptstadt eng Prise de conscience kommen, dass d'Wunnen an enger Stad eng wesentlech Bedéngung fir d'Liewe vun där Stad ass. Eng Stad, an där et nëmme Banken a Büros gëtt, ass eng doudeg Stad.

Heimadder wär ech dann um Schluss ukomm. Ech géif natierlech och den Accord vun der LSAP ginn zum Projet de loi 6610, an ech géif Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Lies.

Discussion générale

► **M. Marc Lies (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëllt ech dem Rapporteur Guy Arendt gär e ganz, ganz décke Merci soe fir säi kompletten an detailléierte Rapport, awer och ee Merci un den Här Franz Fayot fir seng Presentatioun vu sengem Argumentaire.

Ech mengen, wéi mer wëssen, wéi virdrun och scho gesot ginn ass, d'Modifikatioun vum Gesetz vum Bail à usage d'habitation gouf de 6. September 2013 vum deemolege Logementsminister, dem Marco Schank, déposiert. Den Ursprung vun dëser Modifikatioun fousst awer op enger Proposition de loi vum Ben Fayot aus dem Joer 2011.

Wat woren dem Initiator vun der Proposition de loi seng Beweggrënn, fir dës Proposition eranzerechen? Wéi mir allegueret wëssen, ass Lëtzebuerg e Land, wou et richteg boomt, souwuel wat de Populationswuesstum ugeet, awer och wat déi wirtschaftlech Aktivitéiten ugeet. Et wor an deene leschte Joren ëmmer nees feststellen, dat kleng Betriber aus dem Beräich vum Tertiaire, awer och effentlech Administratiounen sech verstärkt an eise Quartiers résidentiels niddergelooss hunn. Wunnenge



sinn zu Büroen zweckentfremdet ginn, an d'ëffentlech Hand, d'Gemenge woren deem Ganze relativ schutzlos ausgesetzt, well d'Autoritéiten a ville Fäll heiriwwer net informéiert gi sinn.

Den Artikel 27 vum aktuelle Gesetz huet virgesinn, datt de Schafferot vun där jeeweileger Gemeng kéint aschreiden, sollt et sech ëm eng Zweckentfremdung handelen. Wéi virdrun awer scho gesot, sinn d'Gemengen oft net a Kenntnis gesat ginn an einfach virun e Fait accompli gestallt ginn.

Zanter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 28. Juli 2011, wat d'Aménagement-communals-Gesetz vun 2004 ëmgeännert huet, ass de Buergermeeschter vun där jeeweileger Gemeng opgrond vum Artikel 37 iwwert d'Baugenehmegunge verantwortlech, wat de Bau, d'Transformatiounen an eventuell nei Affektatiounen ugeet. Dës muss natierlech ëmmer konform zu deem generelle Bebauungsplang, den diesbezügliche PAPen an dem Baureglement sinn.

Den Artikel 27 vum aktuelle Gesetz gëtt duerch d'2011er Gesetz vum Aménagement communal zu engem gewëssenen Deel iwwerfléssig a gëtt elo duerch eng nei Formulatioun ersat, wou de Gemengerot iwwer e Règlement communal géint de Leerstand vu Wunnengen soll virgoen.

D'Fro, déi sech awer elo mat där neier Formulatioun vum Gesetz stellt: Wat geschitt mat deene Wunnengen, déi zurzäit, an dëscht och schonn zanter Joren, net konform zur Gesetzgebung aménagéiert gi sinn? Op dës Fro gëtt dës Modifikatioun och keng Äntwert.

Geet de Buergermeeschter do hin a beréift sech op d'2011er Gesetz a kontrolléiert, wat fir eng Wunnengen eventuell an deene leschte véier Joer zweckentfremdet gi sinn? Wat soll mat deene Wunnengen geschéien, déi schonn zanter x Joren eng aner Fonctioun hunn?

Ech mengen, hei läit d'Konklusioun op der Hand. E Buergermeeschter wäert wuel kaum e Büro oder e Commerce, deen e feste Bestandteil vum ëffentleche Fonctionnement a Liewen a senger Stad oder a senger Dierfer ass, mat engem Handschlag eliminéieren, dës faute d'alternative. Hei dierft sech éischter eng Toleratioun vun dem Bestand duerchsetzen, soudatt déi Commercen an awer och déi Büroen, well se effektiv dann am Bestand sinn, och wäerte virun ënnert deem Aspekt kënne fonctionnéieren.

De Buergermeeschter steet an Zukunft awer an der Verflüchtung, bei all neier Demande genau ze kucken, ob dës Demande dann och kompatibel mat dem Bebauungsplang ass. Eng gewësse Flexibilität muss nawell och an Zukunft spillen, wann et sech ëm Aktivitéiten handelt, déi an direkter Relatioun mat de Besoine vun der Populatioun stinn. En fonction vun dësen Besoine sollten och déi nei PAGen an de Gemengen erstellt ginn, datt dann an all Quartier oder Uertschaft e gewëssene Mix virgesinn ass, fir dës Demande op d'mannst zu engem gewëssenen Deel Rechnung ze droen.

Fazit ass a bleift, datt opgrond vun eiser Situatioun um Logementsmarché Wunneng soll Wunneng bleiwen a Büroaktivitéiten a Commerce verstärkt a Raimlecheete solle kommen, déi heifir och geduecht sinn. Am urbane Raum ass dës sécherlech méi einfach ëmzesetze wéi am ländleche Raum.

D'CSV-Fraktioun géif et wichteg fannen, wann de Ministère de l'Intérieur an de Ministère du Logement spezifesch an dësem Fall an eventuell och a Relatioun mat dem Gesetz vun der Aide au logement, wat den Assainissement, d'Sécurité, d'Salubritéit an d'Hygiène an de Gebaier ugeet, eng gemeinsam Sensibiliséierungscampagne géife starten, fir d'Allgemengheet iwwert d'Problematik an och iwwer gréisser Mësstänn ze informéieren. Eng Circulaire oder eventuell e Règlement type kéint de Gemengen och hëllefbräich sinn, wat den neien Artikel 27 ugeet.

Ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Lies. Den nächste Riedner wär dann de Roberto Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt ganz kuerz op zwee Punkten agoen. Deen ee Punkt, op deem ech schonn d'lescht Woch agaange sinn, dat ass iwwert déi eidel stehend Wunnengen, an dat anert ass, datt

d'Gemengen elo musse gefrot ginn, wa Wunnengen ëmgebaut ginn a Büroen oder Geschäfte.

Dat fanne mer gutt, datt dat elo esou ass. An ech fannen et och hëllefbräich, datt am Fong geholl d'Gemeng elo kann e Règlement stëmmen, wou d'Propriétaire mussen déi eidel Wunnengen mellen. Éischtens emol ass dat ganz hëllefbräich, wann een eng AIS huet, eng Agence Immobilière Sociale, fir emol ze kucken, wat fräi ass. Zweetens kann ee sech awer och am zweete Gedanken, wann dat wierklech laang, laang dauert, iwwert déi Taxen, déi ech d'lescht Woch ugeschwat hunn, do de Kapp driwwer zerbréchen, ob een dat net sollt eng Kéier maachen. Fir eis ass et wichteg, datt d'Gemengeréit elo déi Méiglechkeet hunn.

Iwwert de Präis, déi Strof, do hätt ech natierlech oder mir hätten natierlech léiwer gehat, datt et e bësse méi weigedoen hätt. Mä dat konnt jo net esou stattfannen. Op alle Fall begreisse mer dat heiten, a mir wäerten och ganz frou sinn, dat ganz fräi, op alle Fall an der Stad Déifferdeng, kënne duerchzesetzen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Traversini. Dann huet den Här Reding d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och mir soe Merci fir deen exzellente Rapport vum Guy Arendt an d'Ausféierunge vum Franz Fayot. An d'ADR seet jo zu dësem Text, well et richtig ass, géint Ëmwidmungen ze kämpfen, dem Buergermeeschter de Pouvoir ze ginn, Ëmwidmungen ze erlaben, de Stat ze zwängen, seng eegesetzter ze befollegen, a schliisslech och eppes géint d'Leerstänn ze maachen. Wat de Stat ubelaangt, wéi seet ëmmer esou schéin de Gast Gibéryen: „Braucht Der e Gesetz, fir dat ze maachen, wat Der richtig fannt?“ Ech mengen, och haut scho kéint de Stat ouni eng zwéngend gesetzlech Basis soen: Kommt, mir ginn an déi dote Richtung a mir maache Büro- raim fräi!

De Franz Fayot huet ganz kloer Beispiller genannt mat Nimm vu staatlechen Institutiounen oder Etablissementen, déi Wunnraum besetzen. Ech wëll en anert nennen, dat ass zum Beispill den Tribunal de Commerce um Saint-Esprit. Dat war an der Zäit eng virlefeg Léisung. Do gëtt e ganze Stack Appartements besat vun engem Tribunal, et ce n'est que le provisoire qui dure!

Et muss een natierlech och soen, wann dann elo deen Tribunal de Commerce muer géif plënnere, jo, da gëtt dee Wunnraum fräi. Mä Fakt ass jo awer och, datt dann en anert Gebai muss gebaut ginn, wou deen Tribunal kann hinkommen, an op deem Terrain hätt jo och dann eventuell kënne Logementer entstoen. Et ass also net ëmmer esou evident.

Eng Gemeng sollt an Zone kënne bestëmmen, ob se do Geschäfte, Büroen oder Administratiounen wëllt oder net wëllt. Mä am Endeffekt muss all Gemeng derfir suergen, datt d'Besoinen erfüllt ginn. Do, wou Büro gebraucht ginn, mussen och Büro kënne entstoen.

Wat de Logement ugeet, hu mer d'lescht Woch an der Debatt ganz vill Pisten hei opgewise vun alle Bänken. Mir wëssen, datt mer genuch Bauplätze brauchen, wa mer genuch Wunnengen wëllen hunn, datt mer musse kënne méi héich bauen, datt mer méi rapid a flexibel Baugenehmegunge brauchen, anstatt éiweg laang Prozeduren, klengkaréiert Muechtspiller, Interpretatiounen vu Reglementen. Mir brauchen d'Interventioun vu soziale Promoteuren an esou weider an esou fort.

Ech wollt dës Debatt benotzen, fir op een Aspekt e bësse méi anzegoen, an dat sinn d'Leerstänn. Firwat gëtt et iwwerhaupt Leerstänn? Ech mengen, keen normal logesch denkende Mënsch léisst eng Wunneng eidel stoen, wann e fir déi Wunneng kann e maartgerechte Loyer kréien. Wann en dat also mécht, muss et eng Ursach ginn. An déi Ursach musse mer bekämpfen.

D'Ursach ka sinn, datt en en Eegebedarf huet an datt mer an eisem jëtzege Gesetz annerhalleft Joer brauchen, fir eng Wunneng ze libéréieren, wann Eegebedarf do ass. Also kann ech mer virstellen, datt et Leit gëtt, déi soen: Ma mäin Enkel kënnt vun der Uni an zwee, dräi Joer, kommt, loosse mer se léiwer eidel stoen, da ginn ech deene Scherereien aus dem Wee!

Eng aner Ursach si Renovatiounen, déi net virukommen: Haiser, déi musse renovéiert ginn, wou sechs vu siwe Locataire erausginn, mä dee siwente strieft sech, an natierlech stinn dann déi sechs Wunnengen éiweg laang eidel, bis datt endlech dee leschte Locataire och erausgeklot ass.

Eng aner Ursach vu Leerstänn ka sinn, datt ech op eng Baugenehmegung waarden. En attendant, datt ech mäi Projet ka maachen, soll

ech mäin Haus verlounen, jo oder neen? Wéi séier kann ech de Locataire dann nees lassginn, wann ech dann endlech meng Baugenehmegung hunn?

An eng lescht Ursach, déi ech ëmmer méi feststellen an déi och novollzéibar ass, ass d'Flemm! Fakt ass, wann Dir eppes verlount, an dee Locataire bezilt da kee Loyer, Dir maacht jo net direkt de Schrëtt op d'Gericht, Dir waart jo zwee, dräi, véier Méint, Dir gitt deem Mann eng Chance, Dir maacht e Recommandé. Wann Der dann endlech Är Requête maacht, brauch et dräi Wochen, bis datt iwwerhaupt eng Convocatioun kënnt.

Wann dann e Locataire, esou e Locataire en Affektot hëlt, dann dauert et nach eng Kéier dräi, véier Méint, bis dat ka plädéiert ginn, an dauert dann nach eng Kéier zwou, dräi, véier Wochen, bis datt ech en Uerteel hunn. An da muss ech nach een Dierwiechter fannen, deen et exekutiert. An och do wësse mer, an der Praxis brauche mer ee bis zwee Méint, bis datt kann exekutiert ginn.

Dat heescht, mir hunn insgesamt zwielef Méint Loyer verluer, éier mer dee Locataire, deen net bezilt, endlech dobaussen hunn. An do sinn nach net d'Fraisen derbäi: d'Frais fir den Affektot, soe mer emol 1.000 Euro kascht esou eng Affär, d'Frais fir den Déguerpissement. All normalen Dierwiechter freet do eng 2.000 Euro Provisiounen. Dat sinn also ganz vill Suen, déi feelen. A par contre kann ech eng Garantie locative nëmme froen op zwee Méint. Dat heescht, ech bleiwen do op ganz vill Sue sëtzen.

Da kënnt nach derbäi, datt nom Déguerpissement vläicht och nach Schied bestënn. Ech muss och nach nei usträichen. An da soll ech frougemutt an eng nei Locatioun eragoen!

D'Äntwert ass ganz kloer. Dat eent ass d'Agence sociale, déi och schonn hei vum Kolleeg Traversini ugeschwat ginn ass. Jo, dat ass eng exzellent Léisung.

Mä eng aner Léisung ass och eng Adaptatioun vun eisem Bail-à-loyers-Gesetz. An dat ass dat Eenzegt, wat ech hei bedauern: Mir maache jo hei an dësem Vote eng Ännerung vum Bail-à-loyers-Gesetz, do kéint ee jo awer profitéieren, an esou Gesetzter dann och op deem dote Punkt ze légiféréieren! Mir brauche fir Netbezueler vu Loyer vill méi schnell, vill méi kuerz a vill méi effikass Prozeduren. Dat wier e ganz wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung, fir géint Leerstänn ze kämpfen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Reding. D'Wuert huet elo den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Jo, eng Woch nodeems hei eng gréisser Debatt stattfonnt huet iwwert de Logement, stëmme mir dann haut e Projet de loi, deen hëllef soll, fir géint eng Praxis virzegoen, déi de Logementsproblem nëmme verschäerft, an zwar d'Zweckentfremmung vu Logementen. Den ehemolegen Deputéierten, den Här Ben Fayot, hat jo schonn, wéi hei scho gesot gouf, eng Proposition de loi am Joer 2011 déposéiert, d'Gesetz vum Bail à usage d'habitation sollt renforcéieren.

Et ass kee Wonner, datt esou eng Proposition de loi u sech vun engem Stackstater koum wéi den Här Fayot, well wéi all Stackstater, deen ech jo och sinn, wësse mer, wat fir en Ausmooss dës Phenomeneen ugehall huet. Natierlech ass d'ganz Land dovunner betraff, mä d'Hauptstad leit dorënner natierlech eendeiteg méi, well sech hei vill kommerziell Aktivitéiten konzentréieren. Wat sech awer ëmmer manner konzentréiert, dat si Mënschen, zemoos am Zentrum oder awer och an anere Quartieren, wéi hei zum Beispill dee vun der Gare, mä natierlech och net nëmmen.

Et geet also drëms, ze sécheren, datt engersäits scho bestehend Logementer wierklech och als Logementer benotzt ginn, mä och dorëms, datt gewësse méi zentral Quartieren an eise Stied net zu Phantomzone verkommen.

Här President, mir wäerten dës Projet de loi matstëmmen. Et geet an déi richteg Richtung. Et waren eng Partie Diskussiounen, déi ech zwar awol matkritt hunn, well ech net laang genuch derbäi sinn, mä ech konnt awer och alles noliesen, awéifern een d'Deklaratioun vun engem Logement, deen eidel ass, misst obligatoresch maachen. Dës Prärogativ ass schlussendlech ausgeweit ginn op d'Gemengeréit.

De Statsrot wollt méi wäit goen an dës Obligatioun generaliséieren am Kader vum Gesetz vum Aménagement communal. Du koum den Awand, dat wär fir gewësse méi kleng Gemengen e relativ héijen administrativen Opwand. An dovunner ofgesi stellt sech jo och nach d'Fro vun der Gemengenautonomie.

Bon, ech mengen, et huet een ëmmer, an ech hunn och ëmmer déi Schwieeregkeeten, mir eng Relioun ze maachen tëschent engersäits Mesuren ze huelen oder ze imposéieren, déi zu méi sozialer Gerechtegkeet kënne féieren, an anerersäits awer och déi wichteg demokratesch Marge de manoeuvre vun de Gemengen ze respektéieren, déi och d'Fräiheet an d'Responsabilitéit de Gemenge gëtt, eng Situatioun korrekt anzuschätzen.

Schlussendlech mengen ech awer och, datt d'Ausweidung vun dëser Prärogativ op d'Gemengeréit eng gutt Saach ass, well et och déi néideg politesch Auseenansetzung an deene Gremie wäert féerden an do, wou et néideg ass, eng Obligatioun méi einfach kann duerchsetzen, wéi wann dat nëmmen an den Hänn vun engem Schafferot wier.

Wat elo och déi Schwieeregkeeten ubelaangt, fir ze wëssen, wou Zweckentfremmung kënne entstoen, ech ka mech do nëmmen deem raliéieren, wat och den Här Franz Fayot gesot huet. Ech mengen, et ginn eng Partie Méiglechkeeten, fir dat ze maachen. A menger Naivitéit a Candeur mengen ech och, datt een awer och kann erausfannen, wou eng Sociétéit sech etabléiert. Zemoos eng Gemeng, mengen ech, misst do keng gréisser Schwieeregkeeten hunn. A wann net genuch Mëttele bestënn, da musse mir och derfir suergen, datt déi Mëttele dann agefouert ginn.

Bon, et gouf och nach en anere méi kritesche Punkt, dat war deen och vun der Amende, déi e Propriétaire kritt, wann e säi Logement net umellt, deen eidel ass. Déi ass elo schlussendlech erfogast ginn, relativ staark. An gouf och monéiert, datt eng gewësse Proportionalitéit misst agehale ginn, wat eng Netdeklaratioun u sech vun administrativer Natur ugeet, an d'Netanhale vum Gesetz, also eng Zweckentfremmung durchzeféieren, well do sinn natierlech eendeiteg méi héich Strofe virgesinn am Gesetz vum Aménagement communal.

D'Chambre des Salariés war och net ganz glécklech iwwert dës Erfassung. An ech muss och soen, datt ech och léiwer gesinn hätt, mir hätten awer fir eng eendeiteg méi staark Ofschreckung gesuergt, well mir schwätzen och ëmmerhi vu Propriétaires, a wéi soe se an Däitschland: Eigentum verpflichtet! An ech mengen, dat hätt net esou vill weigedoen.

Bon, trotz deem kleng Bauchwéi wäerte mer dës Projet de loi matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Wagner. Lescht ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Polfer.

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, ech wollt Iech awer alleguere berouegen, datt d'Stad Lëtzebuerg, wou ee jo mengt, dat Gesetz hei wier fir d'Stad Lëtzebuerg just gemaach ginn, datt d'Stad Lëtzebuerg net nëmmen eng Stad vun de Banken ass. D'Stad Lëtzebuerg ass eng extrem lieweg Stad, déi an deene leschten 20 Joer, vun den 90er Joren un all Joers Dausende vun Awunner méi krut! Ech wollt dat just zur Berouegung och soen.

Ech wäert dat Gesetz awer hei ganz gäre matstëmmen, natierlech, well et eng Dispositioun ännert, wou de Stat effektiv - an dat huet d'Stad Lëtzebuerg x-mol, eemol fir zéngmol gesot -, op ganz ville carrément Wunnhaiser effektiv Administratiounen huet. A wann dat hei elo an engem Délai raisonnable, wéi jo dervu geschwat gëtt, virgesäit, datt d'Administratioun an d'Regierung sech selwer virhält, ebe fir eng ganz Rei... - an ech fänke se hei net un opzezielen, ech hunn nëmme fénf Minuten -, wann de Stat also elo sech selwer do e Coup gëtt, fir fir déi Administratiounen nei Plazen an nei Gebaier ze bauen, dann ass dat eng ganz gutt Saach.

Well, déi Saache si jo gemaach ginn, well op eemol dës Land an dës Stad déi Evolutioun kruten, déi mer kennen a wou mer eis jo kënnen awer alleguerten driwwer freeën, well soss wieren eng ganz Rei Gesetzter, déi mer hei an dëser Chamber stëmme, iwwerhaupt net méiglech, well et ebe vun den 80er Joren un en enormen Développement kannt huet.

Ech wëll awer just drop hiweisen, datt heiansdo - heiansdo - déi Uwendungen net esou einfach sinn, wéi se vläicht duergestallt ginn! Zum Beispill, wéini steet en Haus eidel? En Haus - an där Situatiounen hu mir méi wéi eng Kéier, an ech huelen un, aner Gemengen och -, wann eng Persoun, déi eleng wunnt, net méi wëllt eleng, ganz eleng an hirem Haus wunnen, si wëllt awer och net ganz nëmme an engem Altersheim sinn, wann déi zum Beispill all Weekend nach an hiert Haus zrëckkënn, steet dat Haus dann eidel oder net? Muss dat...

(**Interruption**)

Natierlech neen! Mä heiansdo kënnt se jo och net...



(Interruption et hilarité)

Ech wollt elo just soen, heiansdo kënnst se jo och net all Woch erëm. Heiansdo kënnst se vläicht nëmmen... Et ass nëmmen, fir e Beispill ze soen.

An dann e Changement d'affectation: Bis elo huet jo de Schäfferot - an ech kann dat bezeie fir d'Stad Lëtzebuerg - natierlech bei all Changement d'affectation, dee gefrot ginn ass, gekuckt: Op wat gëtt en et? Et kann net nëmme sinn dat, wat elo an deem Moment dra war. Et muss jo och am Sënn vun der Rechtssécherheet sinn: Wat gesäit de Bebauungsplang vir, wat op där Plaz ka gemaach ginn?

An ech ginn lech do d'Beispill: Et gëtt Haiser, déi eben an enger Zäit gebaut gi sinn, déi eben an deene Fonctiounen, déi déi Haiser dee Moment haten, den heitege Gegebenheeten einfach net méi entspriechen! Ech denken do un extrem grouss herrschaftlech Villanen, fir déi zu där Zäit, virun honnert Joer, wéi se gebaut gi sinn, effektiv fir eng Famill d'Autorisatioun erausgaangen ass, fir eng grouss herrschaftlech Villa ze bauen, wou een awer haut kengem méi kéint zomudden a kee sech méi selwer zomutt, mat enger Famill an esou engem Haus ze wunnen.

Zum Beispill ënnen d'Villa Baldauff an der Avenue Marie-Thérèse, dat ass eng Villa, déi elo effektiv ganz laang eidel steet, well eben och eng Rei Saache ronderëm gebaut ginn, déi ass autoriséiert ginn als en Eefamilljenhaus - déizäit ass jo a sech net vun Eefamilljenhaus geschwat ginn, mä vu Maison d'habitation. Ech hoffen, mir sinn eis awer alleguerten eens, datt déi Fonctioun esou enge Bauten hei einfach net méi entsprécht.

An dat ass wouer fir eng ganz Rei Villanen op dem Boulevard Joseph II, do, wou haut d'russesch Bank dran ass, wat och eng Villa war, déi gebaut ginn ass dee Moment op d'Autorisatioun vun nonzéng honnert an esou vill, fir eben eng Famill ze logéieren, mä déi evidenteweis haut deene Konditiounen net méi entsprécht.

Nëmme fir ze soen, datt een och muss kucken, wat de Bebauungsplang am Sënn vun der Rechtssécherheet virgesäit, wat op enger Plaz ka gemaach ginn, an datt doropshin d'Déci-siounen vun dem Schäfferot musse geholl ginn. Esou gëtt et op alle Fall bei eis gemaach, well d'Rechtssécherheet an enger Stad, an engem Land, wou esou schnell sech dévéloppéiert wéi onst, ass, mengen ech, eng essenziell Garantie, déi een an engem Rechtsstat muss kënne ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An elo huet d'Wuert de Statssekretär am Wunnengsbauministère.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen, Secrétaire d'État au Logement.** - Jo, Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'Éischt nach wellen dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci soe fir säi Rapport, dann awer och dem initialen Auteur vun der Proposition de loi, dem Ben Fayot, an natierlech och dem Riedner, dem Franz Fayot, fir déi Explikatiounen, déi mer kritt hunn.

Et sinn an deene verschiddenen Exposéen hei schonn e ganze Koup un Argumenter ausgetosch ginn, déi alleguerten och nach richtig sinn. Zwou Froen sinn nach gestallt ginn oder Donnéeë gefrot ginn. Déi hu mer net, Här Fayot. Dat ass dat eent.

An déi aner Propos, déi nach mat gemaach gouf, dat war vum Här Lies, fir eng Sensibiliséierungscampagne ze maachen. Ech huelen déi Propos mat, fir eng Keier mat dem Minister Kersch ze diskutéieren.

Fir de Rescht, mengen ech, sinn ech frou, dass et hei eng grouss Zoustëmmung gëtt zu deem heite Projet de loi. An ech sinn dann och frou, wann e gestëmmt gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A mir géifen dann zum Vote iwwert de Projet 6610 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6610 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung...

(Interruption)

Esou ka jiddweree kommen!

(Hilarité)

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. No mengem leschte Stand hei ass et 59-mol Jo. Mä ech mengen, et ass nach een an der Kabaischen.

(Hilarité générale)

Also unanime ass...

(Brouhaha)

Neen, neen, Kabaischen. Gitt näischt sichen, wou näischt ass! Also unanime.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6610 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

Retrait du rôle des affaires de la proposition de loi 6280

An da ginn ech jo och dovun aus, ech froen awer den Auteur, dass domat d'Proposition de loi hifälleg wär?

► **M. Franz Fayot (LSAP), auteur.** - Dat ass richtig, Här Präsident.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 6785 iwwer e Benelux-Traité iwwert d'Kooperatioun bei der Inspektioun vum Stroossentransport. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché.

6. 6785 - Projet de loi portant approbation du Traité Benelux relatif à la coopération transfrontalière en matière d'inspection du transport routier, signé à Liège, le 3 octobre 2014

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 6785 approvéeiere mer de Benelux-Traité vum 3. Oktober 2014 iwwert déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht an der Inspektioun vum Stroossen-transport.

Nodeems déi dräi Benelux-Länner den Traité zu Léck ënnerzeechent haten, huet den Ausseminister Jean Asselborn dese Projet den 2. März 2015 déposiert.

D'Haaptzil vum Projet besteet doran, d'Zesummenaarbecht tëschent de Benelux-Länner ze verbessern, wat d'Kontrollen am Stroossenträic an d'Applikatioun vun der europäescher Gesetzgebung an där Matière ugeet.

Dernieft geet et awer och drëms, d'Ausféierung vun de Kontrollen a vun de Servicer um gesamten Territoire vun der Benelux ze harmoniséieren an eng ineffikass Usammlung vun éparpilléierten Associatiounen an Akteuren op deem Territoire ze vermeiden.

Des Weidere soll den Traité och dozou bäidroen, verschidde juristesche Inegalitéiten an Interpretatiounsdivergenzen um Plang vun de jeeweilege Sanktiounsregimier vun deene verschiddene Länner aus der Welt ze schafen. A schlussendlech soll d'Bündelung vun de Kompetenzen, den Expertisen, den Erfahrungen an de Mëttel och zu Käschtenaspuernisser féieren.

Fir all deem Rechnung ze droen, enthält den Traité ganzer 36 Artikelen, déi déi eenzel Voiete vun der Zesummenaarbecht tëschent deenen dräi Länner definéieren. Ech zielen der just e puer op.

Dat ass beispillsweis déi géigesäiteg Informatiounspflicht, d'Zurfügungsstelle vu Material, d'Ufro vu Material bei engem Partnerstat, d'Confidentialité vum den Daten, d'Verfaasse vu Rapporten, d'géigesäiteg Assistenz, Ausféierungsbestëmmunge fir déi eenzel Projeten an Initiativen, Aktionspläng an d'Schafung vu Comitées de pilotage, niewent villem aneren.

Komplettéiert gëtt den Traité vun enger Fiche financière, an där eng Rei konkret Spuerpotenzialer opgezeechent sinn. Heirënner falen haaptsächlech gemeinsam Uschafungen, déi gemeinsam Notzung vun enger mobiller Statioun fir technesch Kontrollen, déi Lëtzebuerg zur Verfügung stellt, déi gemeinsam Notzung vun enger Software, déi Holland zur Verfügung stellt, an d'Bündelung vun de mënschleche Ressourcen duerch d'Recht, Persounen an aner Länner ze delegéieren.

Den Traité bezitt sech, wéi gesot, op de Raum vun der Benelux. Trotzdem bitt en awer och anere Länner a Federalstaten d'Geleeënheet, sech der Initiativ unzeschleissen an de Projet iwwert dee Wee um europäesche Plang weiderzëntwëckelen. Der Benelux kënnst also eng gewësse Virreiderroll an dësem Beräich zou.

Obschonn d'Kontroll vum Stroossentransport national Kompetenz wäert bleiwen, gëtt also mat dësem Traité eng Harmoniséierung vun de Kontrollsystemer um europäeschen Niveau ugestriift an erméiglecht.

Domat kommen ech scho bei den Avis vum Statsrot a bei d'Aarbechte vun der Kommissioun: An hirem Schreiwes vum 24. Februar 2015 huet déi héich Kierperschaft sech äusserst positiv zu dësem Projet de loi ausgedréckt an huet just eng minimal Modifikatioun vum Text respektiv vun enger Zeechesetzung proposéiert. Den 18. Juni 2015 huet d'Nohaltegkeetskommissioun sech esouwuel mam Projet de loi wéi och mam Avis vum Statsrot befaasst. An der Sëtzung vum 2. Juli 2015 huet se mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Ofschléissend ginn ech natierlech mat Freed den Accord vun der grénger Fraktioun, an der Hoffnung, datt déi europäesch Länner duerch Initiative wéi dës a vill anerer weisen, datt se méi dovun hunn, zesummenzeschaffen an hir Kräften ze bündelen, wéi sech ze isoléieren, well Eenheet mécht staark!

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Aly Kaes, dee scho prett ass.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Merci, Här Präsident, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt erlaabt mer, der Madame Lorsché als Rapporteur vum Projet villmools Merci ze soe fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Bon, wéi grad gesot, handelt et sech beim Gesetzestext ëm e grenziwwerschreidende Kooperatiounsvertrag tëschent Lëtzebuerg, der Belsch an Holland, wou et ëm d'Kontrollen am Wueren- an am Persounentransport geet. Och wann e groussen Deel vun der Reglementatioun, wat de Wueren- a Persounentransport betrëfft, schonn um europäeschen Niveau u sech harmoniséiert ass, esou si gewësse Beräicher, wéi zum Beispill d'Kontroll vu Lenk- a Rouzäiten, d'Kontroll vun enger Surcharge oder awer och d'Kontroll vun Transporter mat geféierleche Substanzen nach ëmmer eng national Ugeleeënheet.

Doraus ergi sech an de verschiddene Länner ënnerschiddlech Interpretatiounen, wat de Contrôle ugeet. Déi eng Länner handeln dat no der Method X, déi aner no der Method Y, an déi aner no der Method Z.

Duerch dësen Traité ginn déi Kontrolle souwuel bei de Busse wéi och bei de Camionen an deenen dräi respektive Länner uniformiséiert. An domadder spille mer an dësem Beräich ganz sécher eng Virreiderroll an Europa.

Duerch dës Zesummenaarbecht profitéiert ee vun deem aneren, esou wéi d'Madame Lorsché dat méi am Detail scho gesot huet, sief dat och am Beräich vun Austausch vun Expertisen, vun Informatiounen, vu Material. Ech denken hei un de Camionscanner vun der Douane, well et ass scho virgesinn, dass och u sech gemeinsam Kontrolle kënnen organiséiert gi respektiv dass Lëtzeburger Inspektoren bei hir belsch Kollege kontrolléieren ginn.

Bon, duerch dësen Traité gëtt séchergestallt, dass an der Benelux, egal wou een ass, déiselwecht Bedéngungen, déiselwecht Kontrollbestëmmungen a Regele gëllen, wouduerch et och kloer zu enger Verbesserung vun der Verkéierssécherheet vun de Bierger kënnst. Ausserdeem wäert dësen Traité och derzou bäidroen, dass de Sozialdumping am Beräich vum Giddertransport op der Strooss besser ka bekämpft ginn.

An deem Sënn sinn ech genausou frou wéi d'Madame Lorsché, fir och am Numm vun der CSV den Accord zu dësem Text ze ginn a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kaes. Nächste Riedner ass de Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Villmools Merci, Här Präsident. Och e grouss Merci un d'Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché. Als LSAP ënnerstëtze mir selbstverständlech dese Benelux-Traité an domadder ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An ech ginn direkt d'Wuert weider un den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här Präsident, dëst Gesetz wäert ouni Zweifel derzou bäidroen, datt mer méi Sécherheet op eise Stroosse kréien. Et ass awer e ganz gutt Beispill, wéi effektiv d'Zesummenaarbecht um Niveau vun der Benelux ka sinn. Et ass eemol méi och bewise ginn, datt mer all Intérêt hunn als Lëtzebuerg, Belsch an och Holland, an Zukunft weider effektiv zesummenzeschaffen, net nëmmen an dësem Beräich. Mir sinn och do, géif ech soen, e gutt Beispill fir anert Zesummewirken um europäeschen Niveau. Ech wëll virun allem op eben een Aspekt hei hiweisen, dat ass en Echange vun enger ganzer Rei vun Informatiounen an enger ganzer Partie Domänen.

Ech wëll awer ofschléissend selbstverständlech och den Accord vun der Demokratescher Partei bréngen an och der Madame Lorsché Merci soe fir hire gudden Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Da géif ech d'Wuert direkt weiderginn un den Nohaltegkeetsminister, den Här Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här Präsident. Fir d'Éischt och e Merci un d'Madame Rapportrice fir hire gudden Rapport, schrëftlech a mëndlech. An ech wollt selbstverständlech der ganzer Chamber Merci soen, datt se hei unanime dat Gesetz stëmmt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6785 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6785 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

A mir hunn 59 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

► **Une voix.** - Et ass en Iertum...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Okay, also aus deenen 59 ginn der 60, an domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.